Texte : Claude Mangen

Aller-retour Kierchbierg

Eng Radiographie vum Soziokulturelle Radio bis bei de radio 100,7
„RTL n'a pas le monopole" sot de Staatsminister Jacques Santer am Juni 1988 an der Chamberdebatt iwwer d'Libéralisation des ondes! Am Géigesaz zu aneren europäesche Länner kennt Lëtzebuerg eng contraire Entwécklung, wat den ëffentlech-rechtleche Radio ugeet. D'Iddi, fir niewent Radio Lëtzebuerg 92,5 en nationale Sender ze kréien, geet op de Kulturminister Robert Krieps zeréck, dee schonn 1975 gefuerdert hat, datt d'Forces vives de la nation e Sproochrouer bräichten! Eréischt 13 Joer méi spéit decidéiert d'Majoritéit an der Chamber fir engem ëffentlech-rechtleche sozio-kulturelle Sender d'Frequenz 100,7 MHz ze iwwerloossen.

En ëffentleche Radio entsteet

Am Mäerz 1989 presentéiert de Kulturministère e *Livre blanc sur l'opportunité et les moyens de créer une radio nationale publique, à vocation culturelle.* Am Virwuert mam Titel *Une radio du citoyen, pour le citoyen* schreift de Minister Robert Krieps: „L'observateur attentif de la vie culturelle au Luxembourg aura constaté avec satisfaction une réelle éclosion de la créativité des agents culturels... À cette remarquable éclosion culturelle correspondait le besoin des artistes, écrivains, compositeurs et exécutants de toucher un public plus large et d'accéder à ce médium qui fut la grande innovation culturelle du XXe siècle, la radio." Am Dokument erklären e.a. Journalisten, Associatiounen a Kulturinstituter op 300 Säiten, wat hir Virstellungen an Erwaardungen un esou e Medium sinn.

Mam Mediegesetz gëtt 1991 den *Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle du Grand-Duché de Luxembourg* geschaf, an de Verwaltungsrot ënnert dem President Pierre Gehlen kann ufänke mat schaffen. Ufank Januar 1993 gouf eng kleng Ekipp „en place" gesat mam Zil, fir am Hierscht op Antenn ze goen. Schonn no puer Méint huet den éischten Direkter Jean-Marie Meyer wéinst Divergenzen opginn, an de Filmrealisateur Paul Kieffer war bereet, fir eng begrenzten Zäit d'Leedung ze iwwerhuelen.

Raimlech a finanziell Schwieregkeeten

Mat dëser Virgeschicht a mam Verständnis vun engem „sozialen" a „kulturelle" Radio hunn ech am Mee 1993 zesumme mam Programmchef Pit Puth ugefaang eng Grille auszeschaffen. Ënner dem Motto *Eng nei Stëmm fir Lëtzebuerg* hu mir versicht, eng Alternativ zu kommerzielle Generalistesenderen ewéi dem RTL, dem DNR oder Eldoradio ze bidden. De Radio war déi Zäit a Sous-Locatioun am CLT-Gebai um Kierchbierg, hat do Bürosraim a Studioe gelount, esouwuel fir d'Live-Emissiounen ewéi och fir d'Produktioun vu Sendungen, an d'RTL-Techniker hunn „en sous-traitance" geschafft. Dës Situatioun war schwiereg, well dës logistesch Ënnerstëtzung mat Contraintë verbonnen an ëmstridde war.

Sonndes den 19. September 1993 ass de radio 100,7 eng alleréischte Kéier op Antenn gaang. Gesent gouf eréischt nomëttes vun hallwer dräi un, wou d'Ecoute niddereg ass. Moies huet Radio Lëtzebuerg op där Frequenz gesent, an et war schwéier fir den 100,7 ënner deene Bedéngungen eng Identitéit opzebauen. De Budget wier souwisou net duergaang fir en Dagesprogramm unzebidden an och net fir eege Studioen ze bedreiwen. De Projet vun engem ëffentleche Radio huet ënner dësem „Feelstart" gelidden a krut sech laang net dervun erholl.

E Geheimsender?

An der Grille goufen et wéineg live-moderéiert Generalisten-Tranchen. Bis op de Noriichtemagasinn Panorama um 18.00 Auer goufen déi meescht Emissioune mat Handaarbecht op Tounbänner virproduzéiert. D'Offer war breet opgestallt an d'Formater laang, alt bis zu zwou Stonnen: D'Kaneremissioun „Krappschass & Co", d'Jugendsendung „Ketchup" oder „Wantergréng" fir eeler Leit hu probéiert, zu festen Auerzäiten e cibléierte Publikum ze erreechen. Mat enger edukativer, sozialer a kultureller Approche gouf e Feuilleton iwwer all méiglech an onméiglech Theemen ugebueden. Den traditionellen Nolauschterer vum Soziokulturelle Radio sollt sech Zäit huelen, fir dësen alternative Programm als „radio d'offre", oder wéi et an Däitschland heescht, ewéi en „Nischenprogramm" ze verstoen. Dowéinst koum vun Ufank un a bis Summer 2019 reegelméisseg en detailléiert Programmheft eraus. Dat hat de Virdeel, datt niewent der Aktualitéit de Programm am Viraus konnt geplangt a produzéiert ginn, sief et mat verschiddene Schwéierpunkten oder Serië vun Emissiounen.

Am Juli 1994 gouf de Fernand Weides Direkter, nodeem hien d'Leedung vum Eldoradio opginn hat. Seng gréissten Erausfuerderunge waren, déi ugespaante finanziell Situatioun vum Radio ze sanéieren an de Betrib aus de negative Schlagzeilen erauszeféieren. Ee wichtegt Zil war et och, méiglechst séier d'CLT ze verloossen, fir kënnen en eegene Studio ze geréieren awer och fir de Programm op

De Paul Kieffer, den Alex Bodry, de Pierre Gehlen an de Jacques Santer beim Start vum Soziokulturelle Radio 1993

©100komma7

©100komma7

De Grand-Duc 2003 am Studio vum 100komma7

24 Stonnen ze erweideren. Vu Januar 1996 u konnt de Soziokulturelle Radio sech an engem Privathaus an der Lonkecherstrooss néierloossen a vum 1. Juni 1997 u gouf ganzdaags gesent.

De Sender war vun Ufank u politeschen Ugrëffer ausgesat, déi sech 1997 zougespëtzt hunn, wéi eng Deputéiert de Soziokulturelle Radio wollt ofschafen, well hirer Meenung no déi vum Legislateur gefuerdert Zieler net erreecht wieren.

D'Kulturjoer 1995 – en Opbroch

D'Kulturjoer 1995 hat eng enorm Opbrochstëmmung ausgeléist. Mat decidéiertem politeschem Wëllen, goufen eng Rei wichteg kulturell Bauprojete geschaf, déi d'Offer an d'Dynamik vum Kultursecteur bis haut nohalteg beaflossen. All dës Initiativen a Projeten, sief et de Bau vun der Philharmonie, dem MUDAM, d'Renovatioun vum Groussen Theater, den CNL an den CNA, den Naturmusée, Neimënster, d'Rockhal oder spéider déi vill regional Kulturhaiser, d'Rotonden a.s.w. goufe mat Emissiounen iwwer d'Entwécklung an de Contenu radiophon begleet. Bei quasi all Ouverture war de radio 100,7 live op der Plaz. Doniewent gouf probéiert de kulturelle Patrimoine ze dokumentéieren, Mënsche virun de Mikro ze huelen, déi zur politescher, sozialer a kultureller Entwécklung vum Land bäigedroen hunn an eppes ze soen haten. Sendungen ewéi „Visittekaart", „Zäitzeien" oder „Op Besuch" an anerer waarden an den Archive vum radio 100,7 fir erëm entdeckt ze ginn.

D'Usprééch an d'Ekipp ware gewuess an d'Gebai zu Märel gouf ze kleng. De Radio ass 2003 eng zweete Kéier geplënnert, op 45A an d'Avenue Monterey, do wou virdrun d'Miami University war. Dëst war d'Geleeënheet, fir déi analog Technik ze digitaliséieren, fir d'Studio- an d'Opnamkabinne mateneen ze vernetzen an de Redaktioune besser Aarbechtskonditiounen ze bidden. Alt nees war de radio 100,7 an enger Privatvilla, déi net geduecht war, fir esou vill Leit an esou vill Technik ze erdroen, an esou koum et reegelméisseg zu diverse Pannen. Eng Situatioun, déi net laang konnt gutt goen.

En neit Gebai um Kierchbierg

Et huet missten no engem neien Ënnerdaach gesicht ginn, dës Kéier kee Provisorium méi, ma e Gebai, wat den Ufuerderunge vun engem moderne Medium gerecht gëtt a Perspektive fir d'Zukunft bitt. Trotz Widderstänn konnt d'Ekipp déi entretemps op 35 Mataarbechter a 40 Freelancer gewuess war an e fuschneit Gebai vum Fonds du Kierchberg eraplënneren. Endlech war de Radio an engem ëffentleche Gebai op 21A, Avenue J.F. Kennedy ukomm. D'Raimlechkeeten a virop de Studio mam Technikberäich waren de Besoine vum Betrib ugepasst – fir den Direkter Fernand Weides no bal 20 Joer „mission accomplie", an hie konnt 2013 seng Pensioun huelen.

Säin Nofollger gouf de Jean-Paul Hoffmann, dee vun der SES koum. Fir de studéierte Journalist eng Zort Retour aux sources obwuel hien, anescht wéi säi Virgänger seelen op Antenn ze héiere war. Dat materiellt Ëmfeld war assuréiert, an deen neien Direkter konnt vun zwee Joerzéngten Opbauaarbecht profitéieren. De Medium Radio hat sech an där Zäit fundamental geännert, d'Gewunnechte vum Nolauschterer an d'Formater genee ewéi de Contenu hu missten ugepasst ginn. Den Internet war lo déi éischt Source an de klassesche Radio hat ausgedéngt. Trotz villen Erneierunge blouf déi klassesch Musek eng Konstant mat där de radio 100,7 sech weiderhi vun anere Programmer ënnerscheet huet.

Domat war fir mech de Moment komm, der Generatioun vun de sougenannten „Digital natives" d'Plaz ze iwwerloossen a meng al Passiounen auszegruewen an nei Erausfuerderungen unzehuelen. Am Hierscht 2018 war d'Zäit komm, no 25 Joer deem „Geheimsender" säi Secret ze iwwerloossen an all Gutts fir déi nächst Erausfuerderungen ze wënschen.

Claude Mangen

Programmkoordinateur vum radio 100,7 a Responsabel fir d'Kultur redaktioun vu 1993 bis 2018 säit 2018 Direkter vum Mierscher Kulturhaus